DEMOKRATESCH PARTEI
Helperknapp

# No bei dir.



## EIS KANDIDATE FIR D'GEMENG HELPERKNAPP

Lëscht 2

## MEET & GREET

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 17. MEE 18.30-20.00 | 21. MEE 11.00-12.30 | 25. MEE 18.30-20.00 | 28. MEE 10.30-18.00 | 08. JUNI 18.30-20.00 |
| TËNTEN am Koschteschbau | BRUCH an der Koll | BÉIWEN am Lëtschert | BËSCHDREF um Helpermaart | HUELMES an der aaler Schoul |

# EIS KANDIDATE
# FIR D'GEMENG HELPERKNAPP



## FRANK CONRAD

**PRESIDENT DP HELPERKNAPP**

**39 Joer, bestuet, Gréiweknapp**

- Versécherungsagent
- Buergermeeschter säit 2019
- Gemengeconseiller säit 2012
- President Schoulkommissioun
- Aktiv an diverse Veräiner an der Gemeng

**Am Schäfferot:** ë.a. Urbanismus, Finanzen a Sport

**Hobbyen:** Kazefrënd, Schwammen, Tauchen, Vëlo



## GUSTY BAUSCH

**KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP**

**43 Joer, Bruch**

- Am Service Billing&Reporting bei der Creos
- Fréieren Ersatzschoulmeeschter
- Fréieren Sportzaldot
- Member an de Vëlosfrënn Gusty Bruch
- 8 Championstitelen am Cyclocross an 1 am MTB

**Hobbyen:** Sport, spadséieren, fëschen, Kazefrënd, Modellbau



## JEAN-CLAUDE DIT BISI BISENIUS

**VIZEPRESIDENT DP HELPERKNAPP**

**43 Joer, 2 Kanner, Bëschdref**

- Staatsbeamten
- Gemengeconseiller säit 2018
- Schäffe säit 2020, Schoulschäffen
- Representant am SIGI an NORDPOOL

**Am Schäfferot:** ë.a. Jugend, Kanner, Participatioun, Kommunikatioun, Gläichberechtegung

**Hobbyen:** Kachen an Iessen, Filmer a Serien, Asiatesch Kultur



## CHAREL BOLLIG

**SEKRETÄR A KEESSJEE DP HELPERKNAPP**

**21 Joer, Tënten**

- Droitstudent
- Internationale Sekretär a Member vum Exekutivbüro vun de Jonken Demokraten (JDL)
- Member am Regionalkommitee DP Zentrum
- Vizepresident vum JDL Aarbechtsgrupp Schüler & Studenten
- Fréiere Member vum Exekutivbüro vum Jugendparlament

**Hobbyen:** Seegelen, Reesen, Liesen a Vëlo fueren



## SYLVIE DEITZ ÉP. GIERES

**KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP**

**70 Joer, 2 Kanner, Bëschdref**

- Pensionéiert Gemengenemployée
- Gemengeconseillère säit 2014
- Conseilsmember am Office Social Miersch
- Delegéiert am Kommitee vum Mierscher Lieshaus
- Delegéiert am Conseil d'établissement vum CAPE Ettelbréck

**Hobbyen:** Liesen, Reesen, Baken, Gaardenaarbecht, ennerhale mat de Leit



## PATRICK DOEMER

**KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP**

**54 Joer, bestuet, 2 Kanner, Béiwen**

- Privatbeamten
- Gemengeconseiller vun 1999 bis 2005 zu Béiwen
- Sekretär FC Brouch
- Benevole Skoda Tour de Luxembourg
- Benevole Luxembourg Ladies Tennis Masters

**Hobbyen:** Handball, Fussball, Vëlo, allgemeng Sport intresséiert



## HEIKE MATHIAS ÉP. WAMPACH

**KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP**

**43 Joer, 2 Kanner, Bruch**

- Privatbeamtin am Versécherungsberäich
- Member Regionalkommitee DP Zentrum
- Kommiteesmember FC Brouch
- Benevole Jugend FC Brouch

**Hobbyen:** Fitness, spadséieren mam Hond, Fussball, Gaardenarbecht, Bitzen



## LYDIE RUPPERT ÉP. BERNOTTE

**KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP**

**59 Joer, 2 Kanner Tënten**

- Pensionéiert Diploméiert Erzéierin
- Fréier Mataarbechterin vun der Crèche a vun der Maison Relais vun Tënten
- Kommiteesmember Spuerveräin ISV Huelmes
- Speziellen Interessi u Logementsproblematik

**Hobbyen:** Fotografie, Reesen, Liesen



## LEO TOUM

KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP

**19 Joer,**
**Tënten**

- 1ères-Schüler
- Member am Regionalkommitee DP Zentrum
- Fréiere President Schülerkommitee Lycée Aline Mayrisch
- Fréiere Member vum Jugendparlament

**Hobbyen:** Liesen, Spadséieren goen



## JOSKE VOSMAN

KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP

**62 Joer, bestuet, 3 Kanner**
**Tënten**

- Privatbeamten
- Gemengeconseiller säit 2012
- Schäffe säit 2020
- Klimaschäffen ë.a. Ëmwelt- a Sportskommissioun
- Aktiv an diverse Veräiner an der Gemeng

**Am Schäfferot:** ë.a. Solar- a Wandenergie, Energieeffizienz a Sport

**Hobbyen:** Golf, Fussball, Theater



## SANDRA WAMPACH ÉP. GÖHLHAUSEN

KOMMITEESMEMBER DP HELPERKNAPP

**44 Joer, 2 Kanner**
**Bëschdref**

- Office Manager
- Member Schoulkommissioun
- Elterevertrieder Helperknapp
- Jugendkoordinator beim Black Star Mersch

**Hobbyen:** Reesen, Tauchen a Sport

# GIDD OCH DIR MEMBER BEI DER DP HELPERKNAPP

**Loscht aktiv ze ginn an eis Zukunft matzegestalten?**
**Mir freeën eis op iech a wëllen iech kenneléieren.**

Et ass eis wichteg, dass sech vill Leit politesch engagéieren, fir dass mir d'Zukunft vum Land zesummen plangen a gestalte kënnen.

**member.dp.lu**

# MEET & GREET

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **17. MEE** 18.30-20.00 | **21. MEE** 11.00-12.30 | **25. MEE** 18.30-20.00 | **28. MEE** 10.30-18.00 | **08. JUNI** 18.30-20.00 |
| **TËNTEN** am Koschteschbau | **BRUCH** an der Koll | **BÉIWEN** am Lëtschert | **BËSCHDREF** um Helpermaart | **HUELMES** an der aaler Schoul |



# D'KANNER AN DÉI JONK AM FOKUS

**D'Zukunft gehéiert eiser Jugend an eng gutt Educatioun ass d'Viraussetzung fir e selbstbestëmmt Liewen, déi all Mënsch déi selwecht Chance bitt:**

D'DP Helperknapp steet hannert der Aarbecht vum aktuelle Schäfferot um Campus Helperknapp a setzt e weidere Schwéierpunkt op den Austausch mat de Kanner a Jonken, enger gudder Preventiounsaarbecht an enger wäitsiichteger Strategie. Mir wëlle Fräiraim fir d'Jugend am ëffentleche Raum schafen, d'Vernetzung an d'Mobilitéit fir Jonker verbesseren a virun allem eng strukturéiert an duerchduecht Zesummenaarbecht vun allen Acteuren.

## KONKRET HEESCHT DAT:

- Jugendhaus mat opsichender Jugendaarbecht
- Méi RGTR-Linnen
- Navette fir Fester an eng nei Gemengenavette
- Generatiouns-Projet mat Biergerzenter
- Een iwwergräifende Comité de pilotage



# SPORT A FRÄIZÄIT

**Eng aktiv Gemeng ass eng lieweg Gemeng:**

Villfälteg Fräizäitoffere beliewen d'Gemeng a sinn e feste Bestanddeel vum gesellschaftleche Liewen. Di grouss Majoritéit vu Säll, déi eidel stoungen, si vum aktuelle Schäfferot fir spezifesch Zwecker zougewisen ginn (Klibbsäll, Reuniounssäll, extern Locatiounen). D'DP Helperknapp wëll d'Offer u sportlechen a kulturelle Manifestatioune proaktiv ausbauen andeems déi néideg Plazen a méi Moyenen zur Verfügung gestallt ginn.

## KONKRET HEESCHT DAT:

- Kulturoffer ausbauen an ënnerstëtzen
- Bicherkabinn
- Multisport-Terrainen & Bike-Park
- Spillplazen ausbauen



# ENERGIE AN EMWELT

**Fir en effiziente Klimaschutz mussen alleguerten d'Acteuren un engem Strang zéien:**

Déi ëffentlech Hand muss hirer Virbildfunktioun a punkto erneierbaren Energien an Energieeffizienz gerecht ginn an op deementspriechend Technologien ëmstellen. D'DP Helperknapp begréisst déi grouss Efforte vum Schäfferot fir erneierbar Energien an erhofft sech doduerjer e Schub net nëmme fir d'Produktioun a fir d'Erfuerschung vun erneierbaren Energien, mee och fir d'Akzeptanz vun esou Mesurë vun alle Bierger.

## KONKRET HEESCHT DAT:

- Wandpark & Solaranlag
- Weider E-Bornen
- Gemengefuerpark moderniséieren
- Subventiounen ausbauen
- Nohalteg Manifestatiounen



# ZUKUNFTSORIENTÉIERT INFRASTRUKTUR

**Modern a biergerorientéiert Gebaier an Infrastrukturen sinn d'Basis vu gudde Gemengeservicer.**

Eng Gemeng huet d'Aufgab Infrastrukturen ze bidden déi den haitege Standarden entspriechen. D'DP Helperknapp wäert voll a ganz de Potenzial vun der Digitaliséierung notzen an de Fortschrëtt an den Déngscht vun de Bierger stellen. Niewent dem Ausbau oder Ëmbau vun Infrastrukture wëlle mir och géint d'Wunnengskris virgoen a weider Projeten an deem Sënn no vir dreiwen (soziale Wunnengsbau fir ze kafen oder ze lounen, alternativ Wunnforme wéi Tiny Houses).

## KONKRET HEESCHT DAT:

- Biergerhaus
- Crèche zu Béiwen
- Wunnraum
- Méigeneratiounshaus
- Weider E-Reider
- Digital Affichagen op Busarrêten

# SOZIALKOHESIOUN ALS 'BLOE' FUEDEM

**Eng Gemeng huet d'Responsabilitéit seng Bierger zesummen ze bréngen an hiren Zesummenhalt ze stäerken:**

D'DP Helperknapp setzt sech a fir een Ausbau vun der Biergerbedeelegung a setzt op Projeten, déi d'Gesellschaft zesummebréngt: Dëst duerch d'Weiderféiere vu bestoende Fester, Aktivitéiten a Servicer, mee och duerch d'Aféiere vun e sëllegen neien, soziale Projeten, wéi zum Beispill, den intergenerationelle Projet Thillenloch.

### KONKRET HEESCHT DAT:

- Biergerbedeelegung weiderféieren
- Sproochecaféën
- Ennerstëtzung vu lokale Veräiner
- Tiers-Lieux an allen Dierfer
- Wunnprojete

# DEN DRËTTEN ALTER DIERF NET VERGIESS GINN

**D'Liewenserfarung vun eise Senioren ass eng Beräicherung fir eis Gemeng:**

E staarkt Matenaner vun de Generatiounen erméiglecht eis all zesummen ee bessert Liewen ze féieren! D'DP Helperknapp wäert d'Viraussetzungen schafe fir eisen eelere Matbierger, esou laang ewéi méiglech, en eegestännegt a gutt Liewen doheem z'erlaben. Mat méi a bessere Servicer, fir eeler Leit (wéi zum Beispill der Gesondheet a Beweegung, dem Transport, de Clubs seniors an der Weiderbildung), an enger systematescher Integratioun am Alldag, bleiwen eis Matbierger och am Alter aktiv Membere vun eiser Gesellschaft.

### KONKRET HEESCHT DAT:

- Service aux citoyens
- Digitale Rattrapage
- Méigenerationshaus
- Ennerstëtze vu regionale CIPAen

**De ganzen Detail vun eisem Programm fannt dir hei, oder frot eis op eise Meet&Greets!**

helperknapp.dp.lu/programm